

wéi d'Piissenger mat de Kueben, an zwar ganz intelligent, muss ech soen.

D'DP soll d'Mesurë kontrolléieren, dat heescht si soll de Leit op d'Fangere klappen, wa se sech net un dat halen, wat am Fong do virgeschriwwé gëtt, a wéi den Här Bausch richteg hei seet, d'Kamelle gi vun engem CSV-Minister, dat heescht vum Landwirtschaftsminister, verdeelt. Dat ass eng ganz flott Saach fir déi, déi d'Kamellen ze verdeelen hunn, mä et läit awer keng Kohärenz dran.

Mir hu jo och schonn an der Kommissioun doriwwer diskutéiert. Et schéngt eis nëmmen normal ze sinn, dass deejeenegen, deen déi Subside verdeelt, och gläichzäiteg soll d'Kontroll an enger Hand hunn. Déi Inkohärenz fënnt een op méi Niveauen erëm. Et huet souguer schonn dozou gefouert, dass eng Initiativ um Niveau vun de Propriétaires a vun de Bauere geholl ginn ass, erstaunlecherweis, muss ee scho soen, dass d'Bauern hinnen a soen, neen, mir hätte gärn, dass dat soll ganz an de Ministère de l'Environnement iwwergoen.

Ech mengen, wann esou eng Initiativ sech schonn à la base mécht, da weist dat, dass do e Malaise ass, an ech wëll domat hei och zum Ausdrock bréngen, dass mir déi Proposition do wäerten ënnerstëtzen.

M. le Président. - Wa kee méi d'Wuert verlaangt, da mengen ech awer kënne festzehalen, dass mer déi Proposition de loi un d'Regierung weiderschécken.

Domat wier dee Punkt ofgeschloss, a mir kommen zrëck zu eisem Ordre du jour. Dat ass d'Proposition de loi vum Kolleeg François Bausch iwwert d'Erhéijung vum Congé am Privatsektor.

Den Här Bausch huet d'Wuert.

15. Proposition de loi 4591 de M. François Bausch modifiant la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé (modifiée le 26 juillet 1975, le 14 mars 1988, le 22 novembre 1991 et le 12 février 1999)

M. François Bausch (DÉI GRÉNG), auteur. - Här President, mir haten als Gréng, wéi mer dat ominöst PAN-Gesetz hei am Parlament diskutéiert hu virun iwwert engem Joer, eng ganz kritesch Haltung, virun allem zu engem Kapitel vun deem Gesetz, an dat ass dat Kapitel, dat déi sougenannt Mesuren ubelaangt, déi mat der Flexibiliséierung vun der Aarbecht ze dinn hunn, virun allem schwätzen ech natierlech hei vun deene Mesuren, déi d'Referenzperiod bei der Berechnung vun der 40-Stonne-Woch kënnen eropsetzen.

Mir hunn deemools als Gréng gesot, dass hei en éischte Schratt gemaach gëtt, mat deem do Gesetz, fir d'Aarbechtsrecht och zu Lëtzebuerg ze flexibiliséieren, wat eigentlech an der Logik läit vum Trend, dee mer weltwäit hunn, a verstärktem Mooss natierlech an den angelsächsesche Länner, wou d'Dereguléierung vun

Aarbechtsrecht quasi keng Moosse méi kannt huet an deene leschten 10, 15 Joer, mat Konsequenzen natierlech vu sozialer Veraarmung, vun Dégradatioun vun de soziale Verhältnissen, vun de Familljeverhältnissen, vum Zesummeliwwen tëschent de Mënschen.

Mir hunn zwar deemools och gesot, dass mer net der Meinung wäeren, dass dat, wat hei géif gemaach ginn oder gemaach ginn ass iwwer d'PAN-Gesetz, scho vergläichbar war mat Mesuren, déi geholl gi wäeren an angelsächsesche Länner, wéi zum Beispill an England, mä dass trotzdem hei een éischte Schratt géng gemaach ginn ouni déi geréngste Gégeleeschtung zu Gonschte vun de Salariéën, wat sécherlech derzou géng bäidroen, dass d'Sozialsituatioun sech géng an de Betrieber verschlechteren, un éischter Stell natierlech fir déi Leit, déi am schlechtesten sozial a gewerkschaftlech organiséiert sinn, dat heescht an deene Betrieber, wou virum PAN-Gesetz schonn d'Aarbechtskonditiounen alles anescht wéi gutt waren, wou mer vill Schwierigkeeten haten, fir iwwerhaupt Kollektivvertrëg ofzeschlësse mat Aarbechtsbedingungen, déi den Numm human verdéngen, an doriwwer eraus och ëmmer méi an anere Secteuren de Risiko ganz evident géng ginn, dass duerch déi Gesetzgebung d'Dier grouss géng opgemaach ginn, fir dass d'Aarbechtszäiten an engem Mooss flexibiliséiert an doduerch dereguléiert ginn, dass se ganz staark zu Ongonschte vun de Leit sinn, déi do schaffen, an et hinnen ëmmer méi schwéier gëtt, fir hiert soziaalt, kulturellt a familiäert Liewen nach kënnen iwwerliewen ze bréngen.

Wann een d'Strategie kuckt, déi hannert der Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäite stécht, esou ass dat a sech näischt Neies. Dat ass näischt anescht wéi de Kampf, dee mer elo schonn zënter 100 Joer an der Aarbechtswelt kennen tëschent Aarbecht a Kapital, dem Wäert vun der Aarbecht, a ronderëm déi ganz wichteg Schlësselfro, wéi laang a wéi flexibel deen eenzelne Lounofhängegen am Betrib kënnt schaffen, no de Besoine vum Betrib, a wéivill Zougständnisser een deem muss maachen um Niveau vum Loun, um Niveau vu Fräizäit, fir dass e sech kann erhuelen, a wat eigentlech dann d'Contrepartie war zu deem Méi u Flexibilitéit oder un Disponibilitéit, fir méi laang ze schaffen oder méi fir de Betrib ze schaffen.

Et ass eigentlech näischt anescht wéi de Versuch, fir d'Produktivitéit vum Betrib ze erhéijen, virun allem natierlech d'Produktivitéit vun der mënschlecher Aarbeetskraaft, se unzepassen un déi nei Technologien, un déi ëmmer méi schnell Lafzäite vun de Maschinnen, un déi enorm Méiglechkeeten, déi sech haut fir e Betrib bidden, fir iwwer déi nei Technologien d'Produktivitéit enorm ze steigern. A wann ech soen, d'Produktivitéit steigern, da bedeit dat näischt anescht wéi eng Steigerung vum betriebleche Räichtum an domat och vum gesellschaftleche Räichtum. A wann ech soe Steigerung vum Räichtum, vum Mehrwert insgesamt, da misst et an enger sozialer Maartwirtschaft, wéi se sech gäre genannt huet no dem zweete Weltkrich, net méi wéi normal sinn, dass d'Leit, déi mat derzou bäidroen, fir dass dee

Rächtum sech vergréissert, och bedeelegt ginn un deem Rächtum, deen erschafft gëtt.

An der Gesetzgebung vum PAN ass iwverhaapt net dodru geduecht ginn. Et ass ofgelenkt ginn op den Terrain, fir ze soen, bei der Aarbechtszäitverkierzung, do schafe mer falsch Instrumenter, well domat bekämpfe mer net de Chômage. Onofhängeg vum Fait, dass ech dat diskutabel fannen, hu mir ëmmer bei där Diskussioun gesot, dass, wa mir an dësem Kontext eng Aarbechtszäitreduktioun verlaangen als Contrepartie zu där méi grousser Disponibilitéit vun de Leit an de Betriber, dat dann net prioritär ass, well mer mengen, dass een domat de Chômage géing bekämpfen, mä dann ass dat prioritär, well mer der Iwwerzeegung sinn, dass dat d'Contrepartie ass vun der Bedeelegung vun de Leit an de Betriber un deem, wat ech virdru gesot hunn. Dann ass dat d'Contrepartie och, wa mer driwwer diskutieren, fir d'Aarbechtszäiten anescht ze organisieren, dass d'Leit och kënne mat diskutieren, a wéi engem Mooss dat soll sinn, dass si och kënne mat diskutieren, dass d'Aarbechtszäiten esou gestalt ginn, dass se familiär, kulturell a sozial dervu kënne profitieren.

Ech fannen et desto méi absurd, well mer an deene leschte Joren net midd ginn am Parlament, an och d'Patronatsverrieder net midd ginn, ze soen, dass Leit, déi géint Loun a Gehalt schaffe ginn, während hirem ganze Liewen sech ëmmer misste weiderbilden, dass hier Bildung net géing ophalen, andeem se en Diplom an eng Aarbecht hätten, mä dass se hiert ganz Liewe misste léieren, a ganz vill zousätzlech Saache vun hinne verlaangt ginn, an als Contrepartie iwverhaapt keng Bereitschaft besteet, fir hinnen d'Moyenen ze ginn, dass se dat kënne maachen, an et muss gefaart ginn, dass et dorop erausleeft, dass zousätzlech zu enger ëmmer méi grousser Intensitéit op der Aarbechtsplaz och nach hir Fräizäit drop geet, fir sech am Déngscht vum Betrib weider ze bilden, an dass deementspreechend natierlech Mesurë musse geholl ginn, fir e Méi u Fräizäit ze schafen, oder Kompensatiounsmesuren a Form vu Fräizäit.

Ech sinn enttäuscht iwver deen Avis, deen ech vun der Regierung haut virgeluegt kritt hunn, wou ech fannen, dass den Aarbechtsminister sech net ganz vill de Kapp ugestrengt huet, wéi en dat heiten niddergeschriwwen huet, well an deem Avis sti Saachen, déi mat dem Exposé des motifs vu menger Proposition de loi dräimol näischt ze dinn hunn, well déi Argumentatioun, déi ech ufëieren, geet an d'Richtung vun deem, wat ech elo jhust erklärt hunn, dass ee misst eng sechst Congéswoch iwver Gesetz schafen.

Ech hätt mer gewënscht, dass d'Regierung à même gewiescht wär, op déi Argumenter anzegoen, déi ech a meng Proposition de loi geschriwwen hunn. Ech hu mer awer och keng Illusioun gemaach, well wéi mer d'Debatt viru méi wéi engem Joer iwver d'PAN-Gesetz haten, hunn ech déi Saachen och all gesot an och kaum eng Äntwert kritt, inklusiv op esou wichteg Froe wéi zum Beispill déi, dass ech erstaunt sinn, dass eng Partei, déi sech chrëschtlech-sozial nennt, kee Problem schéngt der-

mat ze hunn, dass d'Familljeliewen ënner esou Konditiounen, wéi mer se an Zwëschenzäit an de Betriber ewell kennen a se sech verschäerft an de Betriber erëmfannen, iwverhaapt net méi zesummen ze organisieren ass.

Ech kommen aus enger Partei, déi d'Zesummeliewen tëschent Mënsche méi offe gesäit wéi d'CSV. Ech sinn iwverrascht driwwer, dass d'CSV guer kee Problem mat esou Methoden huet. Wann ech an deem Avis, deen d'Regierung eis virgeluegt huet, dee Saz liesen, wou den Här Biltgen schreift, "Il estime qu'une telle mesure relève prioritairement des partenaires sociaux dans son aspect relevant d'une humanisation supplémentaire des conditions de travail que dans celui visant l'emploi", da wëll ech em soen, dass dat vläicht richtig ass, mä dass zumindest een Deel vun de Sozialpartner, virun allem deen Deel, dee vun der Mesure hei betraff wär, an Zwëschenzäit verlaangt, dass de Législateur handelt, well esougutt den OGB-L wéi den LCGB fuerdere ganz haart, fir deem schlechte soziale Klima an de Betriber entgéintzewierken, dass de Législateur soll handeln, an net nëmmen handeln, andeem mer Kommissiounssitzunge maachen an eis iwver déi Fro ënnerhale vum Bezuele vum Sonndeg, wat sécherlech keng onwichtig Fro ass, mä och iwver esou Punkte wéi deen heiten, an dass déi zwou grouss Gewerkschafte verlaangen, dass de Législateur an där Fro soll liférieren.

Wann ech dann hei liesen, dass dat kéint contraire sinn zu den Intérête virun allem vu kleng Betriber, da muss ech soen, gëtt et jo awer Méiglechkeeten, fir ze kucken, wéi een deem kann entgéintwierken, dass ee virun allem kleng a mëttel Betriber net an eng onméiglech Situatioun versetzt, wann een zum Beispill d'sechst Congéswoch afëiert. Och wéi mir déi fënneft Congéswoch agefouert hunn, sinn et gewëssen Transitiounsmesuren an Iwwergangsphase ginn. Et ass einfach net seriö, wann ee sech ëmmer erëm hannert esou Saache verstoppt an net wëllt iwver dee grave Problem, deen hannendru stécht, diskutieren.

Mir als Gréng sinn der Iwwerzeegung, dass dëst Parlament all Intérêt huet, an deenen nächste Joren Initiativen an där heite Matière ze huelen, wa mer net wëllen hunn, dass mer an deenen nächste Joren e soziale Klima an dësem Land kréien, dee wirklech problematesch gëtt an eigentlech och fir kleng a mëttel Betriber vill méi grav Konsequenzen huet, wéi et der hätt, wann ee géif mat offiedernde Begleitmesuren d'sechst Congéswoch als éischt Kompensatiounsmeasure afëiere fir déi Flexibiliséierungmesuren.

Am Sënn vun dem Erhale vun engem soziale Fridden ass d'Politik, ass d'Parlament gefuerdert. Mir kënnen net méi wéi virdru maachen, wéi wa mir näischt dermat ze dinn hätten, wéi wann dat nëmmen eng Fro wär vun de Sozialpartner. Beispiller am Ausland beleeeën eis dat och zur Genüge.

Wann et drëm geet, d'Aarbechtsrecht ze verschlechteren, dann ass et oft net noutwendeg, fir d'Sozialpartner, oder zumindest een Deel vun de Sozialpart-

ner, ze froen, mä wann et drëm geet, d'Aarbechtsrecht an deem Sënn ze verbesseren, wéi et hei virgeschloen ass, da gëtt ëmmer mam Fanger op d'Sozialpartner verweisen, dass een deenen alles soll iwwerloossen.

Mir mengen als Gréng, dass an deem heite Fall Handlungsbedarf ass, a mir wënschen eis, dass dës Proposition de loi an deenen nächste fënnef Joer ëmgesat gëtt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Robert Mehlen.

Discussion

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass eng Fro, déi wäit reecht, déi wäit an eist soziaalt Zesummespill agräift. Et ass och eng Fro vum jeweilege Standpunkt.

Den Här Bausch huet elo e bëssen eng schwaarz-wäiss Gesellschaft gemoolt. En huet geschwat vum der Konfrontatioun tëschent dem Salarat an dem Kapital. Dat trëfft sécher op eis grouss Betrieber zou, mä d'Welt ass nun emol net schwaarz a wäiss, an esou gëtt et och nach de Mëttelstand, dat heescht déi kleng a mëttel Betrieber. Ech wëll drop hiweisen, dass am Zuch vum der Entwécklung vum der Zounam vum der Produktivitéit et, Gott sei Dank, derzou gefouert huet, dass ëmmer manner muss geschafft ginn, dass d'Arbeitnehmersäit virun allem ëmmer méi Fräizäit zougestane kritt huet.

Et muss een awer feststellen, datt, wann een d'Situatioun reell kuckt, wat de Mëttelstand ubelaangt, mer haut ganz vill virun allem kleng Mëttelständler hunn, déi entweder eleng do stinn oder mat ganz wéinege Leit schaffen, dass mer der eng ganz Rëtsch hunn, déi am Joer praktesch kee Congé oder nëmmen op ganz wéineg Congé kënnen zrëckgräifen.

Ech nenne beispillsweis kleng Handwierksbetrieber a kleng Geschäftsleit, déi dacks iwwerhaupt net kënnen zoumaachen, virun allem awer d'Landwirtschaft, wou all Dag muss geschafft ginn. Deene Leit stéisst esou eng Mesure ganz sécher batter erop, well se gesinn, dass se par rapport zum Gros vum Salarat ëmmer méi schlecht gestallt sinn.

Ech ka mech absolut mat enger Philosophie d'accord erklären, déi drop erausleeft, fir Produktivitéitsgewënner och a méi Fräizäit ëmzemenzen. Dat war och an der Vergaangenheet esou. Wa mer un den Ufank vum dësem Jorhonnert zrëckginn, da gesi mir, dass d'Leit 72 Stonnen, duerno 60 Stonnen an esou weider geschafft hunn, mä déi Reperkussioun mussen sämtlech Couché vum eiser Populatioun treffen. D'Leit mussen alleguer kënnen dervu profitéieren.

Dofir wëll ech eis Zoustëmmung doru bannen, dass mer virun allem fir déi Mëttelständler, déi wierklech net an deem Mooss vum deene Produktivitéitsgewënner, vum

där Fräizäit konnte profitéieren, eng Solutioun fannen, déi si net nëmmen als Patron betrëfft, mä déi si selwer als Mënsch an hirer Aarbechtswelt betrëfft, well si mussen an der Regel vill méi wéi 40 Stonnen d'Woch schaffen. Et gëtt der och vill, déi Sonndes emol kee fräi hunn.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Den Här Hoffmann huet d'Wuert.

M. André Hoffmann (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ënnerstëtzen, et ass bal iwwerflësseg, et ze soen, déi Proposition de loi, déi den Här Bausch virbréngt. Et wär bei där grad esou ze wënschen, dass se d'Unanimité an der Chamber kréich, wéi bei enger vun deene virdrun. Ech befäerten awer, dass dat net de Fall ass. Dat wäerte mer nach héieren.

Ech hunn, wéi mir iwwer de Budget diskutéiert hunn, zimlech laang a breet, och mat Chiffere beluegt, erklärt, wéi ongläich sech de Wuesstum zu Lëtzebuerg an deene leschte Joren a Jorzéngte verdeelt huet, dat heescht dass deen enorme Wuesstum sech weder entsprechend an enger Steigerung vum de Léin nach an enger Verkierzung vum der Aarbechtszäit erëmspigelt, sondern haaptsächlech bei de Gewënner, an déi Gewënner sinn natierlech en Deel Produktivitéitsgewënner. A bei de Produktivitéitsgewënner stellt sech fir mech einfach déi wesentlech Fro, a wéi enger Form an u wie se verdeelt ginn.

A wéi enger Form se verdeelt ginn, dat heescht dass se net nëmmen a Form vu Léin kënnen verdeelt ginn, selbstverständlech och a Form vum Aarbechtszäitverkierzungen, wat eigentlech dem Begrëff vum engem qualitative Wuesstum, vum deem hei ëmmer esou vill geschwat gëtt, duerchaus géif entsprechen.

U wie verdeelt? Ech sinn och domat d'accord, wann den Här Mehlen eis hei opmierksam mécht, dass ee muss tëschent deene verschiddenen Zorte vu Betrieber differenzéieren. An ech sinn och mat him d'accord, wann e seet, dass bei der Fro vum der Produktivitéitsverdeelung een och déi kleng a mëttel Betrieber muss a seng Iwwerleeunge mat abzezién, well et der selbstverständlech eng Partie gëtt, bei deenen déi Produktivitéitsgewënner entweder ganz kleng an deene leschte Jorzéngten oder null sinn, well einfach et eng Rei vu klengen a mëttel Betrieber gëtt, wou Produktivitéitsgewënner guer net oder bal net méiglech sinn. Ech denken zum Beispill un eng Buchhandlung. Wat soll een do, ausser dass ee Computer dohinner kënnt, vill vu Produktivitéitsgewënn erschloen, an da stellt sech natierlech eben och déi Fro, an do verschléisse mir eis net, weder den Här Bausch nach ech, wéi een eben an deem Sënn Produktivitéitsgewënner och innerhalb vum de Betrieber besser verdeelt.

Ech hunn dat scho bei der Diskussioun iwwer de Budget gesot. Dat implizéiert selbstverständlech, dass een déi Ënnerstëtzung vum deene klengen a mëttel Betrieber op eng cibléiert Aart a Weis mécht. Ech hu beim Budget aus dem Avis vum der Chambre de Commerce zitéiert, wou se gesot huet, d'Mesurë misste méi cibléiert sinn. Dat war bezunn op d'Sécurité sociale, wou ech

mengen, dass et net berechtigt wär oder vill manner, wéi wann et ëm Betriber geet, wou ee wierklech muss differenzéieren tëschent ënnerschiddleche Situatiounen. Wat ech awer wëll betounen, dat ass Folgendes.

Wann een differenziert tëschent deene verschiddenen Zorte vu Betriber, dann däerf d'Resultat, menger Ansicht no, net dora bestoen, dass een d'Lounofhängeg diskriminéiert am Verhältnis zu deem Betrib, wou se schaffen. Dat kann et net sinn. Dat ass am Moment schonn de Fall, an ech mengen, dass een eigentlech déi Diskriminéierung misst ofbauen, amplaz se weider ze vergréisseren; dat heescht dass och bei der Fro vun der Aarbechtszäitverkürzung, wann ee wëllt kleng a mëttel Betriber dat erdréiglech maachen, een aner Hëllef muss siche goen, wéi dass ee seet, an deene Betriber hunn déi Leit déi sechst Urlaubswoch, déi den Här Bausch proposéiert, net zegutt, oder aner Forme vun Aarbechtszäitverkürzung.

Ech wëll an deem Zesammenhank betounen, dass fir mech net nëmme Verkürzung vun der Joresaarbeitszäit, déi sechst Urlaubswoch, mussen zur Diskussioun stoen, sondern dass och d'Verkürzung vun der Wochenarbeitszäit zu Lëtzebuerg vill méi staark misst an d'Diskussioun kommen.

Ech fannen, dass d'Positioun vun der Regierung an der Fro vun der Aarbechtszäitverkürzung - och déi vun der vieregter Regierung - fir mech net glaubwürdig ass. Wa mer op där enger Säit soen, Lëtzebuerg ass keng Insel, wat jo ëmmer erëm betount gëtt, da muss een doraus Konsequenzen zéien. Da muss ee soen, mir kënnen eege sozial Moosnamen huelen, esou wéi se och an anere Länner geholl ginn, zum Beispill a Frankräich, a Richtung Aarbechtszäitverkürzung, och wann un deem konkrete Gesetz nach munches aussetze wär. Ëmmerhin ass et awer e positive Schrëtt.

An nach eng Kéier: Wa mer soen, mir si keng Insel innerhalb vun der Europäescher Unioun, da misste mer als Lëtzebuerger um Niveau vun der Europäescher Unioun fir eng harmoniséiert Aarbechtszäitverkürzung anrieden.

Dovun hunn ech awer bis elo nach näischt gemierkt, dass eis Lëtzebuerger Regierung um Niveau vun der Europäescher Unioun sou Initiative geholl hätt. Par contre seet se eis ëmmer, wa mir hei d'Aarbechtszäit verkürzen, da kréie mir méi Frontalieren! Dat ass net crédibel! Dat ass net crédibel aus zwee Grënn. Ech ginn Iech en einfacht Beispill.

Wa mir op der ARBED d'Wochenarbeitszäit drastesch verkürzen, da soll kee mir ziele kommen, do géifen net och Leit eng Aarbechtsplaz fannen, déi elo zu Lëtzebuerg wunnen, mat deenen ënnerschiddlechste Qualifikatiounen. Dat ka kee mer zielen! Op där anerer Säit, wa mer ëmmer vun där grousser Regioun hei schwätzen, an engem anere Kontext, da gesinn ech net an, firwat dass mer an deene Froen dann op eemol d'Grenz quasi wëllen zoumaachen an d'Fro vun der Beschäftigungspolitik net och kohärent an engem regionale Kader gesinn. Wat soll dann, wa mer hei Aarbechtsplaze schafen duerch Aar-

beitszäitverkürzung, an déi Plaze ginn duerch Frontalieren besat, doru schlecht sinn?

Dat eenzelt, wat ee kéint soen - mä do gesinn ech awer och keng Initiative vun eiser Regierung -, wär, dass vill méi eng équilibréiert Entwécklung misst stattfannen an deem Groussraum Saar-Lor-Lux, mä do hunn ech éischter den Androck, dass an der Praxis de Contraire geschitt vun deem, wat ëmmer feierlech erkläert gëtt, d.h. dass villes gemaach gëtt, fir alles op Lëtzebuerg - net nëmme op Lëtzebuerg als Land, mä och nach op den Zentrum vu Lëtzebuerg - ze konzentréieren, mat deenen entsprechende Problemer, déi domat verbounne sinn, a kaum Ustrengungen ënnerholl ginn, fir do wierklech méi eng équilibréiert Entwécklung, och wat d'Aarbechtsplaze betrëfft, an d'Weeër ze leeden.

An do ginn ech dem Här Bausch vollkommene Recht - dat betrëfft natierlech och déi vieregte Regierung -: Wat dat Beschäftigungsgesetz ugeet, wat aus der Tripartite ervirgaangen ass, wou de Schwéierpunkt op der Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit läit, do gëtt da gesot, d'Aarbechtszäitverkürzung, am Zesammenhank vun den Diskussiounen iwwer d'Flexibiliséierung, muss dann ënner Ëmstänn ënner de Sozialpartner ausgehandelt ginn.

Erlaabt mer e staarkt Wuert: Ech fannen dat an der aktueller Situatioun politeschen Zynismus, wann ee weess, a wéi engem Kräfterverhältnis am Moment, ënner anerem duerch de Chômage, déi Leit, déi d'Salariat verrieden, par rapport zum Patronat sinn, d.h. also a wéi enger relativ schwächer Positioun d'Gewerkschaften, also d'Verrieder vun de Lounofhängegen, duerch déi ekonomesch a sozial Entwécklung am Moment sinn. Dann ass dat Zynismus, a wat dobäi erauskënnt, dat ass an der Regel - ech wëll Ausnahmen net ausschléissen - op där enger Säit duerch d'Flexibilitéit Verschlechterung vun den Aarbechtsbedingungen an op där anerer Säit keng Aarbechtszäitverkürzung an och keng Astellungen.

Nach eng Kéier: Ech sinn d'accord mat deene Bemierkungen, déi hei gemaach gi sinn iwwer eng differenziert Hëllef fir kleng a mëttler Betriber, am Zesammenhank mat der Aarbechtszäitverkürzung, awer net mat der Géisskan, wou an der Regel déi am meeschten dovun profitéieren, déi et am mannste brauchen, wéi mer et jo dann erëm eng Kéier bei der Ofschafung vun der Gewerbesteier wäerte gesinn, mä dat ass haut net d'Thema! Also, wéi gesot, ech ënnerstëtze voll a ganz dem Här Bausch seng Propositionen a widderhuelen awer och nach eng Kéier, dass iwwerhaupt déi Debatt iwwer allgemeng Aarbechtszäitverkürzung hei zu Lëtzebuerg vill méi intensiv misst gefouert ginn!

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, dee Punkt wär dann domat ofgeschloss, a mir wäeren och an engems um Enn vun eiser Sitzung ukomm.

Et ass esou, dass mer den Ordre du jour, dee fir zwou Sitzungen virgesi war, an enger Sitzung erledegt hunn. Dat ass, well mer haut de Mëtteg ganz intensiv geschafft hunn. D'Sitzung vu muer fällt also aus, mä well mer entre-temps den Avis vum Conseil d'Etat iwwert d'Erhéijung vun der TVA kritt hunn, géife mer dee Punkt an der Sitzung vun en Donneschdeg als éischte behandelen.

Déi Matière gehéiert jo och zum Budget. Uschléissend géife mer dann de Projet de loi iwwert de Budget fir d'nächst Joer fäerdeg maachen.

Also, mar ass keng Sitzung. Déi nächst Sitzunge sinn en Donneschden de Moien, de 16. Dezember, um 9 Auer,

an dee selwechten Dag mëttes um halwer 3. Domat wäre mer um Enn vun der Sitzung ukomm.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.12 heures)

Projet de loi 4590 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'Etat pour l'exercice 2000

Discussion générale pages 321 - 371
..... pages 409 - 412

Débat d'actualité sur la Conférence intergouvernementale ainsi que sur l'élargissement pages 371 - 374

Projet de loi 4594 relative aux obligations contractuelles liées au secteur financier et venant à échéance le 31 décembre 1999 pages 374 - 376

Débat d'actualité au sujet des engagements de la Conférence de Kyoto et de ses suites pages 376 - 382

Projet de loi 4514 portant approbation du Protocole à la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance relatif aux métaux lourds, fait à Aarhus (Danemark), le 24 juin 1998
Projet de loi 4515 portant approbation du Protocole à la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, de 1979, relatif aux polluants organiques persistants, fait à Aarhus (Danemark), le 24 juin 1998 page 382
..... pages 412 - 414

Projet de loi 4494 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume de Norvège sur la sécurité sociale et de l'Arrangement entre leurs autorités compétentes sur le remboursement des dépenses en matière de sécurité sociale, signée à Luxembourg, le 19 mars 1998 pages 382 - 384

Naturalisations pages 384 - 386

Dénomination de la Commission de la Fonction publique page 388

Composition de la Commission spéciale "Stupéfiants" page 388

Projet de loi 4558 portant approbation du Protocole à l'Accord européen de 1991 sur les grandes lignes de transport international combiné et les installations connexes (AGTC) concernant le transport combiné par voie navigable, fait à Genève, le 17 janvier 1997 ainsi que ses Annexes I à III pages 388 - 390

Projet de loi 4466 relative aux conseillers à la sécurité pour le transport par route, par rail et par voie navigable de marchandises dangereuses pages 390 - 394

Projet de loi 4411 portant approbation

- du Traité de l'Organisation Mondiale de la Propriété Intellectuelle sur le droit d'auteur et des Déclarations communes concernant le Traité de l'OMPI sur le droit d'auteur;

- du Traité de l'Organisation Mondiale de la Propriété Intellectuelle sur les interprétations et exécutions et les phonogrammes et des Déclarations communes concernant le Traité de l'OMPI sur les interprétations et exécutions et les phonogrammes;

- de l'Acte final de la Conférence diplomatique

adoptés par la Conférence diplomatique sur certaines questions de droit d'auteur et de droits voisins le 20 décembre 1996 pages 394 - 395

Projet de loi 4496 portant autorisation de la reprise des lignes électriques 220kV Heisdorf-Trèves et Schiffange-Sotel-Oxy-lux par CEGEDEL S.A pages 395 - 400

Projet de loi 4595 autorisant l'Etat à participer au financement d'un hall sportif à Walferdange pour les besoins de l'Institut supérieur d'études et de recherche pédagogiques pages 400 - 404

Projet de loi 4603 portant habilitation pour le Grand-Duc de réglementer certaines matières pages 404 - 409

Proposition de loi 4580 de M. Marc Zanussi

- concernant l'application aux agents CFL de l'article 4,a) de la loi modifiée du 26 mars 1974 portant fixation de suppléments de pension à allouer aux personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant en cas d'invalidité ou de décès et de l'article IV.23) de la loi du 27 août 1986 modifiant et complétant la loi modifiée du 22 juin 1973 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'Etat;

- concernant l'application aux pupilles de la nation et aux orphelins de guerre des dispositions de la loi modifiée du 26 mars 1974 portant fixation de suppléments de pension à allouer aux personnes devenues victimes d'actes illégaux de l'occupant en cas d'invalidité ou de décès précoces pages 414 - 417

Proposition de loi 4600 de M. Alex Bodry portant modification de l'arrêté grand-ducal du 11 août 1999 portant constitution des Ministères pages 417 - 420

Proposition de loi 4591 de M. François Bausch modifiant la loi du 22 avril 1966 portant réglementation uniforme du congé annuel payé des salariés du secteur privé (modifiée le 26 juillet 1975, le 14 mars 1988, le 22 novembre 1991 et le 12 février 1999) pages 420 - 424

Questions au Gouvernement pages jaunes
au milieu du
compte rendu
105 - 128